

Dräi Leit

Si steet op der Corniche a kuckt erof an de Bissserwee. Si steet dacks hei, wann se vun der Gare kënnt, oder aus der Stad. Ir se neess hannenrëm op de Fëschmaart trëppelt. Do ënnen, jhust déisäit der Bréck, wunnt de Pitt. Do haust en eleng, tëschent sénge Faarwen an Biller, déi kee keeft. E kritt der lo geschwënn zweeafofzeg. Se schwetzen nët méi mateneen. 'T geet op fënnef Auer zou. D'Hëtzt as bal nët z'erdrön.

Si an deen Ale sin nach di eenzeg Lëtzebuenger an där Brak hannert dem Spidol. Si sin iwwreg bliwwen. Déi aner si geplënnert oder ënnert dem Buedem. D'Ausländer sin hei Meeschter.

Tëscht dem véierten a fënnefte Stack erbléist se sech eng Kéier. Si stäipt sech op d'hëlze Glänner. Da stéisst se hir Dir op. Eng Hëtzt schléit er entgéint, datt se bal ëm den Otem kënnt. Hie läit um Kanapee ze ronken.

Wéinst séngem Geschnaarchs haten se deen éischte Kaméidi. Viru fofzeg Joër, wéi se hei agezu sin. Se sin ni méi hei eraus komm. Spéider haten se wéinst anere Saache Buttek. Hien huet gesoff, wéi di meescht aus dem Eck. Mä déi si wéinstens schaffe gaang. Do um Kanapee huet se deemols de Pitt kritt. Mudderséilen eleng war se.

De Krunn drëpst. All véier Sekonne fällt eng Drëps. Se héiert et nuets. 'T as fir geckeg ze gin. Hie kuckt nët nom Krunn. Se setzt de Kaffi op.

Se huet sech u säi Geronks gewinnt. Wéi un alles. U säi Soff, u séng Uschmiereie bei de Preisen, u séng sechs Joer Prisiong nom Krich. Hir haten se de Kapp geschuer. Se huet sech mol nët dergéint gewiert. Se huet sech ni géint eppes gewiert.

De Pitt huet geklaut. Am Krich an nom Krich. Hie wouss, datt si et gebrauchte konnt. Am Krich an nom Krich. Wéi se deen Alen nees lafe geloss hun, sot de Pitt: Kuck ees, wat huet deen sech doënnen eng Panz gezillt!


Si huet him eng Aarbecht gesicht. Eng? Op d'mannst zéng! Hien huet nie e Fanger gerouert. En huet méi blo gemaach, wéi geschafft.

An du huet de Pitt déi komme gelooss. Am Gronn huet en e Polack mat engem Wirtsstull erschlon. Vun der Wirtschafft bis an de Prisiong waren et emol keng honnert Meter.

Hues de Béier matbruecht?

Si erféiert. 'T war hir nët opgefall, datt d'Geronks ewech war. D'Kaffis-waasser kacht. Si äntwert nët.

Lo hieft en sech gläich. Dann huet en d'Box nees opston. An d'Hiem. An



Zeechnong: Moritz Ney

drënner e Kleedchen, dat e scho véierzéng Deeg nët aushat. Da gräift en nom Kichestull a léisst sech drop trëllen. Dann ësst e fënnef oder sechs Schmieren an da geheit en sech nees op de Kanapee. Da räpst en an da ronkt en nees. Géint néng geet en um Pallier op d'Haischen, an da léisst en sech op d'Bett falen.

Lo steet en op. E bleift um Kanapee sëtzen e fiirt sech iwwer d'Stir. Se schëtt de Kaffi raus.

Hie weess et genee, se huet express kee Béier matbruecht. Déi Hëtzt! D'Mansâr sténkt vun Hëtzt. E seet näischt. E kriit dach keng Äntwert. Si huet em alles vreckt gemaach. Se war nach ze domm, fir nom Krich mat him fortzelafen. Se huet him jhust de geschuerene Kapp dohinnergehal, wéi se fir d'éischt dorower koum. En hätt hir kënne eng vir dra schloen, sou domm huet s'ausgesinn. Zanter fofzeg Joër schëtt se d'Tasen ëmmer nëmme hallef voll. E bekuckt se nët, e weess dat se him nokuckt. Si sëtzt do, wéi d'jéngst Geriicht. E kënnt s'ermélzen. 'T hummert him am Kapp, hannert den Oueren. Zanter Méint schon.

E knat mat oppenem Mond. En huet bal keen Zant méi am Mond. E wëscht séng schweesseg Hänn um Dëschdudch of. Lo hëlt en sech di véiert Schmier. Ennenan don d'Ausländer Kreesch. Se muss opston. Se geet bis an d'Spënnchen. D'Zopp vu mëttes richt scho sauer.

Heinsdo wär s' am léifsten blann an daf. Wann se säi breede, fette Réck gesäit, an 't as sou eng Hëtzt wéi haut, da kräichen hir di gelungenst Gedanken an d'Gehir.

De Pitt steet an der oppener Fënster a bekuckt sech de schwaarzen Himmel iwwer der Stad. Douewe läit hir Brak. De Fëschmaart gesäit gutt aus, wann et blëtzt an de Kraachert bis an den Dall rof rullt. Mä hie weess, wéi et do am Dag ausgesäit. An der Brak, ënnert dem Dag.

En huet näischt géint séng Al. E kann si besser ausston, wéi deen Alen. Am Fong sin s'em egal. En huet säi Liewen. Di Al hun em näischt gin an näischt geholl. D'Kollege vu fréier si bestuet an hu Kanner. Hien huet de Polack doutgeschlon. Am Fong sin et all feig Säck. Séng Al as och feig. Hie weess genee, datt se dee liddrege Fréisser a Räpsert a Fuurzert a Schnaarchert am léifste géif ëmbréngen.

An hirer Brak douewen goug d'Luucht un. 'T as d'Mansâr! 'T steet een an der Fënster! Bei där Hëtzt do ze schlofen, dat muss d'Häll sin.

Sou séier hat se d'Luucht nach ni ugemaach. Mat deem Gedimmers konnt se nët aschlofen. Mä si as vun eppes anesches hell waakreg gin. Hir Aan an Oure sichen derno. De groë Plafang veréit näischt. 'T as eppes geschitt.

Elo weess s'et! En huet opgehal mat schnaarchen.

Si bleift stacksteif leien. Se kuckt an d'Bir mat de Méckeschëss. Da riicht se sech op. En huet de Mond opston, de Bléck um Plafang. Dat huet missen sou kommen!

Si klëmmt aus dem Bett a rappt d'Fënster op. 'T huet opgehal mat dimmeren. Elo fällt de Reen wéi mat Eemeren. Si huet d'Aan zou gemaach an hëlt ganz déif Otem.

Josy Braun